ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Am Prinzip war et bis elo esou, datt d'Betriber am Fall, wou en Ugestallte krank gouf, dësem d'Pai weider ausbezuelt hunn. Dëst Krankegeld kruten d'Betriber da vun der CNS rembourséiert.

Fir d'Betriber am Kader vun der COVID-19-Pandemie ze entlaaschten, bezilt d'Krankekeess d'Krankegeld awer elo direkt un déi betraffe Persounen. Laut mengen Informatiounen hält d'Krankekeess elo direkt 33 Prozent Steieren of, well si keng Steierkaart vun dëse Persounen huet. Déi betraffe Leit kréien also eréischt d'nächst Joer, nodeems si hir Steiererklärung gemaach hunn, déi ze vill bezuelte Steieren erëm. Dëst trëfft virun allem déi Leit mat de klenge Revenuen, déi esou direkt een Drëttel vun hirer Pai ofgehale kréien. Vill vun deene Leit hu bis elo nach ni eng Steiererklärung brauchen ze maachen a mussen elo eventuell ee bezuelen, deen hinne se mécht.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung déi uewe genannten Informatioune confirméieren?
2. Wa jo, wéi eng Léisung proposéiert d'Regierung elo, fir datt déi betraffe Leit séier an onkomplizéiert dee volle Montant vum Krankegeld ausbezuelt kréien?
3. Wéi ginn déi Leit behandelt, déi am Ableck e Steierkredit ausbezuelt kréien?
4. A wéi engem zäitleche Kader kënnen déi betraffe Leit domat rechnen, datt si hier integral Pai bezuelt kréien?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten